

## **Evangelium vum 26. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

### **Mt 21,28-32**

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat iech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

<sup>28</sup> De Jesus sot zu den Hohepriister an deenen Eelste vum Vollek:

"Wat mengt dir?  
E Mann hat zwéi Jongen.  
Hien ass bei deen éischte gaang  
a sot: 'Mäi Jong, géi haut an de Wéngert schaffen!'

<sup>29</sup> Ma de Jong huet geäntwert: 'Ech wëll net!'

Herno awer huet et him leedgedoen,  
an hien ass dohi gaang.

<sup>30</sup> De Mann ass och bei deen anere Jong gaang

a sot datselwecht.  
Deen huet geäntwert: 'Ech ginn, Här!',  
ma hien ass net dohi gaang.

<sup>31</sup> Wie vun deenen zwéin huet dat gemaach, wat de Papp wollt?"

Si soten: "Deen Éischten."

De Jesus sot zu hinnen:

"Amen, ech soen iech:  
D'Steierandreiwer an d'Stroossemeedercher  
gi virun iech an dem Herrgott säi Räich eran.

<sup>32</sup> De Johannes ass nämlech bei iech komm,

an hien ass um Wee vun der Gerechtegeet gaang,  
ma dir hutt him net gegleeft.  
D'Steierandreiwer an d'Stroossemeedercher dergéint hunn him gegleeft.  
Dir hutt dat gesinn,  
ma och duerno huet et iech net leedgedoen,  
esou datt dir him gegleeft hätt."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*